POLLY MORBID:

The Adventures of Omi!

Dëst ass d'Omi.

Den Dokter seet d'Omi wier polymorbid.

Polypardon wat?, freet d'Omi.

Hire beschte Frënd, den Här Schäfer, mengt Polly Morbid wier e gudden Numm fir an de 70er am CBGBs am Vir-programm vun de Ramones opzetrieden.

Oder fir eng Superheldin, seet d'Omi. Si wollt schonn ëmmer eng Superheldin sinn. Wann een esou al gëtt wéi d'Omi, dann ass ee souwisou eng Superheldin.

Den Dokter seet, mat Krankheete wier net ze spaassen. Krankheete wieren nämlech doudeescht, besonnesch, wann een dorunner kéint stierwen.

Der Omi hiert Blutt ass gläichzäiteg ze déck an ze dënn, hiert Häerz schléit ze lues an ze fest, hir Aen gesinn ze schaarf an ze verschwommen, hir Oueren héieren alles an näischt.

Mat KRANK-HEETEN ass net ze spaassen.

DAT ASS AWER NACH LAANG KEE GROND FIR ANZEHÄNKEN, seet d'Omi.

Hire Kierper erënnert sech einfach un all d'Krankheeten, déi si jee hat. Iwwerhaapt ass esou eng Omi voller Erënnerungen, esou voll, dass d'Erënnerunge guer net méi all an d'Omi erapassen.

Hire Kapp ass esou voller Erënnerungen, dass d'Hoer hir zu Bierg stinn; si lafen hir zur Nues eraus an ovalen duerchsiichtegen Drëpsen; si hänken hir moies fréi a kellogsfaarwege Grimmelen un de Wimperen an d'Omi muss se mat Ö de Blöé ewechwëschen, soss kann si vu lauter Erënnerungen d'Doudesannoncen am Wort net méi liesen.

Si brauch e ganzen Dag fir d'Doudesannoncen ze liesen, well si sech dobäi un all déi Deeg erënnert, un deenen si net gestuerwen ass.